N°8047
Entrée le 13.06.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité sociale

**Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°8047 vum 1. Juni 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen iwwert d' Desaffiliatioun beim Centre commun de la sécurité sociale**

De Code vun der sozialer Sécherheet gesäit allgemeng vir, fir all Persoun déi agestallt ass, datt wann d'Aarbechtsrelatioun op en Enn geet, d'Persoun ofgemellt muss ginn. Dee Moment kritt déi betraffe Persoun en Austrëttszertifikat vum Centre commun de la sécurité sociale (CCSS) geschéckt. Den Datum vum Envoi vun dësen Dokumenter hänkt awer dovunner of, wéini d'Persoun vum Employeur ugemellt, respektiv ofgemellt gouf.

Jee nodeem an ewéi enger Situatioun d'Persoun ass, ka si ufroen fir iwwer eng Coassurance verséchert ze ginn, oder si ka sech fräiwëlleg weider verstécheren. Beim Courrier vum CCSS läit e Begleitschreiwes dobäi, an deem wou d'Persoun dorop higewise gëtt. Wann d'Persoun sech innerhalb vun den dräi Méint no der Desaffiliatioun fräiwëlleg verséchert, leeft d'Versécherung weider (assurance volontaire continuée).

Allerdéngs gesäit den Artikel 18, Alinea 2, vum Code vun der sozialer Sécherheet vir, datt no enger obligatorescher Affiliatiounsperiod, d'Persoun d'Gesondheetsleeschtunge vun der Krankeversécherung wärend enger Zäit nach zegutt huet. D'Statute vun der Gesondheetskeess (CNS) gesinn an dësem Fall dräi Méint vir, wat och e Lien mat der Weiderversécherung duerstellt. Esouguer wann d'Persoun net méi krankeverséchert wär, ka si also nach wärend dësen dräi Méint d'Gesondheetsleeschtungen an Usproch huelen.

Et ginn awer no a no ëmmer méi Demarchë, respektiv Informatiounen, op de Portail MyGuichet.lu gesat. Dës Demarchë oder d'Consultatioun vum Status vun der Affiliatioun, sollen och iwwer dëse Portail accessibel ginn, respektiv sinn et deelweis schonn.

Lëtzebuerg, den 13. Juni 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen